



## INFORMATIOUN : Den Eurojam 2020+1 ass offiziell ofgesoot

DATUM : 23.11.2020

Leif Participante, Cheffen an ISTen,

Heimat mussen mir iech leider matdeelen datt déi polnesch Organisatioun zesumme mat WOSM a WAGGGS déi folgend Entscheedung zum Europäesche Jamboree geholl huet, deen den 2. bis den 13. August 2021 zu Gdańsk, Polen geplangt war:

### D'Organisatioun deklariéiert dass den Europäesche Jamboree 2020+1 offiziell ofgesoot ass.

No ville internen Diskussiounen an Iwwerleeunge gouf des Decisioun op Grond vu folgende Faktoren geholl:

- Duerch déi aktuell Situatioun si schonn eng Rei Länner ofgesprongen an doduerch gouf d'Mindestzuel vun 10 000 Participanten um Camp net erreicht. Duerch dësen Ëmstand huet sech de Camp finanziell net méi gedroen;
- Weiderhin ass momentan déi ganz Situatioun an Evolutioun vun der Pandemie vum COVID-19 ganz schwierig virauszeseen a soumat ass et vir Polen net méiglech e sou e grouse Camp duerchzefeieren.

Och de Lëtzebuerger CMT huet sech an deene leschte Wochen a Méint vill Gedanken an Aarbecht gemaach. Mir ënnerstëtzen d'Entscheidung vun der polnescher Organisatioun aus, ënnert anerem, folgende Grënn:

- Et ass am Moment net méiglech fir kenne virauszeseen, wie et am Summer 2021 wäert ausgesi mee et wier net am Scoutsgeescht zu esouvill Scouten aus der ganzer Welt zesummen ze kommen. Trotz de villen a duerchduechte Virsichtsmaassnahmen hätt de Risiko bestanen e Coronahotspot ze bilden a soumat d'Verbreedung vum Virus ze fërderen;
- De Camp hätt missten ënnert ganz strengen Mesurë stattfannen, wat ënnert anerem de Kontakt mat anere Länner aschränkt, a sou net am Sënn vun engem Jamboree ass;
- Weiderhi wëlle mir de Risiko net agoen d'Gesondheet vun iech, Participanten, Cheffen a Isten op d'Spill ze setzen.

D'Organisateuren sou wei och mir CMT si lo säit méi wei zwee Joer amgangen dëse Camp ze plangen. Et war keng einfach Decisioun well mer all op eng flott international Erfahrung gehofft haten. Mir hoffen dass dir des Entscheidung novollzéie kennt an denken dass et déi vernëftegst Decisioun ass.

### REMBOURSEMENTER

Déi polnesch Organisatioun huet matgedeelt, dass si eis viraussichtlech wäerten am Dezember en Deel rembourséieren. Soubal mir d'Suen vun hinnen zrëck kruten evaluéiere mir eis ganz finanziell Lag zesumme mat de Verbänn FNEL an LGS a wäerten iech sou schnell wie méiglech rembourséieren. Mir widerhuelen nees hei dass den éischten Acompte vun 100€/Persoun net rembourséierbar war. Mir bidden iech em äert Verständnis dass mir iech net kennen de ganze Montant rembourséieren.



Dëst ass well och déi polnesch Organisatioun scho vill Käschten hat, déi se sou muss decken. Mir wëllen iech och drop hiweisen, dass de Remboursement réischt wäert Ufank 2021 realiséiert ginn.

*PERSÉINLECH DATEN*

All är perséinlech Daten, déi den CMT an d'Organisateuren hun, gi geläscht soubal d'ganz Prozedur vun den Remboursementer ofgeschloss ass.

Mir hoffen dass der net ze vill enttäuscht sidd an dass der trotzdeem e flotte Summer 2021 mat Scoutsaktivitéiten op lokalem Niveau erliewe wäert.

Mir wënschen Iech an Äre Léifsten eng gutt Gesondheet an schéi Feierdeeg.

Fir all zousätzlech Froen, kontaktéiert eis w.e.g. op: [ej2020@sil.lu](mailto:ej2020@sil.lu)

Léif Guiden- a Scoutsgréiss,

« *TIME TO ACT !* »

Äeren CMT,  
Luxembourg Contingent - European Jamboree 2020+1  
Scouting in Luxembourg

